

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister, den Här Bausseminister an d'Madamm Finanzminister an d'Madamm Familljen - an Intergratiounsminister weiderzeleeden.


Am Artikel "*Ein doch nicht so freier Zugang*", deen de 15. Abrëll am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt vun all den DPlen déi 2021 op Lëtzebuerg koumen, da just 24 eng provisoersch Aarbechtserlabnis (AOT) ugefrot hunn a just 25 bis 30 Prozent vun deenen, déi säit 2015 an d'Land komm sinn, eng Aarbecht fonnt hunn. Weider ass an deem selwechten Artikel ze liesen, datt 2019 nëmme 1664 vun deenen 20.000 Leit déi all Joers op Lëtzebuerg kommen, de Kontrakt fir Opnam an Integratioun (CAI), deen och d'Offer vu Sproochecoursë reegelt, ënnerschriwwen hätten.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi erkläert d'Regierung dës mangelnd Bereetschaft vun den DPlen an de BPlen fir sech iwwerhaupt ëm eng Aarbecht ze beméien?
- 2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill DPlen a BPlen säit 2013 zu Lëtzebuerg all Joers eng AOT ugefrot hunn, wéi vill der accordéiert goufen a wéi vill vun deene Leit schlussendlech eng Aarbecht ugeholl hunn? Kann d'Regierung dobäi präziséieren, wéi d'Leit an deenen eenzele Kategorien sech no Hierkonft an hirem geneeë legalen Openthaltstatus opdeelen? Wéi presentéieren dës Zuelen sech am EU-Vergläich?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen, mat wéi enge finanziellen a materielle Konsequenzen déi Leit musse rechnen, déi sech am Kader vum Asylrecht zu Lëtzebuerg ophalen, wa si eng Aarbecht refuséieren?
- 4) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill DPlen a BPlen säit 2013 zu Lëtzebuerg all Joers e CAI ënnerschriwwen haten, wéi vill der dovu vun der Méiglechkeet fir gratis Sproochecoursë profitéiert hunn a wéi vill der dës Coursen erfollegräich ofgeschloss hunn? Kann d'Regierung dobäi präziséieren, wéi d'Leit an deenen eenzele Kategorien sech no Hierkonft an hirem geneeë legalen Openthaltstatus opdeelen?
- 5) Kann d'Regierung matdeelen, mat wéi enge finanziellen a materielle Konsequenzen déi Leit musse rechnen, déi sech am Kader vum Asylrecht zu Lëtzebuerg ophalen, wa si d'Offer vu gratis Sproochecoursë refuséieren?
- 6) Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng Moossnamen si ergräift, fir déi Leit, deenen hiren Openthaltstatus ofgelaf ass oder geschwënn ofleeft an déi zu dem Ablack net iwwert eng Aarbecht verfügen, sou séier wéi méiglech an hir Heemechtslänner zeréckzeféieren, fir eng weider Belaaschtung vum Staatsbudget an de Sozialkeesen duerch déi Leit ze vermeiden?

- 7) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Sue säit 2013 all Joers fir déi materiell a finanziell Versuergung vun DPlën an BPlën ausgi goufen, op wéi eng Kategorië vu Leeschtungen déi Suen sech verdeelen an ënnert wéi enge Budgetsartikelen déi Sue gefloss sinn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten